

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Déi intensiv international Zesummenaarbecht tëschent nationalen an internationale Policeservicer erfuerdert eng héich sproochlech Flexibilitéit a Kompetenz bei der Police. Auslänner mat Wunnsätz an engem anere Land wéi dat, an dem si protokolléiert goufen, kréien an Europa dacks déi pertinent Dokumenter an hirer eegener Sprooch zougeschéckt. Auslänner, déi vun der Police festgeholl ginn, kréien hir Rechter an hirer eegener Sprooch erkläert an hu Recht op en Iwwersetzer.

Donieft ass d'Sproochesituatioun bei der Police zu Lëtzebuerg och nach speziell am Liicht vum Sproochegesetz vun 1984 ze bewäerten. Obwuel, virun allem aus Grënn vun der rechtlecher Sécherheet, wuel verschidden Dokumenter aktuell nach léiwer sollten op Franséisch geschriwwe ginn, stellt sech awer d'Fro, ob d'Nationalsprooch Lëtzebuergesch, an och déi drëtt Verwaltungssprooch Däitsch, net misste méi en héije Stellwäert an der Kommunikatioun tëschent der groussherzoglecher Police an der Populatioun hei am Land kréien.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi eng sproochlech Facilitéite gëtt et bei der groussherzoglecher Police
  - fir Auslänner, déi hei am Land vun der Police interpelléiert oder festgeholl ginn?
  - fir Net-Residenten, déi vun der Lëtzebuerger Police an hirem Residenzland ugeschriwwe ginn?
2. Wéi eng Moosnamen hält d'Police, fir hire Schrëftverkéier mat Residenten - wann dës eng Kommunikatioun mat der Police op Lëtzebuergesch oder op Däitsch wëllen hunn - a Konformitéit mam Sproochegesetz vun 1984 ze organiséieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten